LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
21 NOV. 2017

Luxembourg, le 20/11/2017

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes à la question parlementaire n° 3379 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

Réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à la question parlementaire n° 3379 déposée le 23 octobre 2017
par l'Honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser

1) *No wéi enge Critèrë jugéiert den Har Minister, ob hie géint en offensichtlech disproportionéierten Asaz vu polizeilecher Gewalt am Ausland protestéiert oder net ?*

D'Proportionalitéit vum Gewaltniveau spillt natierlech eng Roll, grad ewéi d'Prinzipien, dat de Staat de Monopol vun der Gewalt an engem Rechtsstaat huet an seng éischt Aufgab ass, seng Bierger ze protégéieren.

2) *Denkt den Har Minister, datt d'Kritik un disproportionéierter Policegewalt eng Amëschung scho per se an déi bannenzeg Affairen vun engem anere Staat duerstellt?*

Neen, Kritik – och an dësem Fall – ass net automatesch eng Amëschung an déi intern Affaire vun engem anere Land.

3) *Spillt et eng Roll, ob deen disproportionéierten polizeilechen Asaz an enger supposéierter Konformitéit zu de konstitutionellen an anere legale Regele vun deem Land geschitt, oder net?*

Wann e polizeilechen Asaz net a Conformitéit mat de konstitutionnellen an anere Regelen ass, dann ass en illegal.

4) *Spillt et eng Roll, ob dat betreffend Land Member an der EU an/oder an der NATO ass oder net?*

Neen.

5) *A wéi wäit kann d'Feststellung, an den An vum Har Minister, vun enger demokratescher Gronduerdnung vun deem betraffene Staat a senger prinzipieller rechtsstaatlescher Ausriichtung, d'Beuerteelung vun engem disproportionéierten oder onnéidege polizeilechen Asaz am Eenzelfall relativéieren?*

An esou wäit wéi een dovu kann ausgoen, dass an engem demokratesche Rechtsstaat disproportionnéiert oder onnéideg polizeilech Asäz duerch Verfassung a Gesetz verhënnert solle ginn.

6) *Ass et net ëmmer eng moralesch Verflichtung géint en disproportionéierte Policeasaz am Ausland ze protestéiere wann doduerch mënschlecht Leed entsteet?*

Wann den disproportionnéierte Charakter vum Asaz objektiv festgestallt ass, dann ass och d'Kritik doru gerechtfäerdegt.

7) *Ass et net eng baussepolitesch Vernonftsregel fir virum dem Asaz vun disproportionéierter Gewalt ze warnen, besonnesch wann doduerch kann eng Situatioun deterioréieren an zu internationale Komplikatioune féieren?*

Natierlech ass virum Asaz vun disproportionnéierter Gewalt ze warnen.